N°7315
Entrée le 05.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP mécht an hirem Communiqué vum 30. November 2022 op d'Unzuel un Iwwerstonnen opmierksam, déi opgrond vun der Penurie un Enseignantë Woch fir Woch all Schouljoer musse geleescht ginn.
Nieft dem Ausbezuele vun enger Indemnitéit fir hir geleeschten Iwwerstonne kënnen d'Enseignantë säit Oktober 2018 dës Stonnen och, a begrenztem Mooss, op hirem Zäitspuerkont (CET) uspueren. Wärend beim CET de Prinzip "1 Leçon ugespuert = 1 Leçon Congé" gëllt, gëtt beim Ausbezuele vun der Indemnitéit fir d'Iwwerstonnen e reduzéierende Facteur 36/52 applizéiert. Als Konsequenz gëtt also dat, wat d'Enseignanten iwwert hir regulär Täche eraus schaffen, sou wesentlech manner entlount.
Laut FÉDUSE ass dëse Facteur 36/52 op eng Spuermoossnam aus der Stolkris Ufank den 1980er Joren zréckzeféieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann den Här Educatiounsminister bestätegen, dass d'Enseignantë fir déi Stonnen, déi iwwer hir regulär Tâche erausginn, een däitlech manner héije Bruttoloun kréien, ewéi fir déi Stonnen, déi Bestanddeel vun hirer „Tâche réglementaire" sinn?
   - *Wa jo, wéi begrënnt de Minister, dass Iwwerstonnen net mindestens genee d'selwecht bezuelt gi wéi regulär geleeschte Schoulstonnen?*
   - *Wa jo, wär de Minister bereet, de Facteur 36/52 aus der Formel fir d'Berechne vun der Indemnitéit fir d'Iwwerstonnen ze sträichen an domat d'Diskrepanz zum Zäitspuerkont opzehiewen?*

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten